

D'Wuert huet d'Berichterstatterin vum Projet de loi, déi honorabel Mme Nelly Stein.

#### 4. Projet de loi 4753 portant création du Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe

##### *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture*

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CECA huet den 23. Juni 2002 hire 50. Anniversaire gefeiert. Déi meescht vun eis heibanne wëssen ëm d'Bedeutung vun dëser Organisatioun fir d'europäesch Integratioun an net zulescht och ëm d'Bedeutung fir eist Land, wat net onwesentlech duerch d'Stolindustrie geprägt ass.

Wéi ass et awer mat eiser Jugend? Wëssen déi ëm wat et bei der CECA geet? Woussten déi 45.000 Spectateuren um Steelworx-Festival op de Frichen, wat eigentlech gefeiert gouf?

De 24. Juni ass e groussen Europapolitiker, de fréiere Statsminister Pierre Werner, gestuerwen. Sāi Liewenswierk huet sech zu engem groussen Deel den 1. Januar 2002 erfüllt. An eelef Memberstate vun der Europäescher Unioun gëtt sāit dësem Datum mat Euro bezuelt. De Werner-Plang huet 1970 de Grondsteen geluegt. Dëse Plang gouf an de leschten Deeg an der nationaler wéi och an der internationaler Press oft zitēiert, fir sāi Liewenswierk, d'Visioun vun enger eenheetlecher Wāhrung, duerzeleeën.

Hār President, Dir Dammen an Dir Hären, dës zwee Elementer beleeeën, datt d'Geschicht vun der europäescher Integratioun en héije Grad un Aktualitéit huet. A grad an deene Momenter wëlle Leit noschloen a sech informéieren iwwert d'Geschicht vun Europa, iwwert d'europäesch Institutiounen, oder iwwert d'Politiker, deenen dru geleeë war, Europa virun engem drëtten Weltkrich ze verschounen.

D'Nofro no gudden Informatiounen iwwer Europa a seng Geschicht ass do, an et ass deemno onerlässlech, dëser Demande op eng adequat a modern Aart a Weis nozekommen.

Mir wënschen eis och all en Europa, dat biergerno ass. Haut ass et awer leider esou, datt vill Europäer dat alles e bëssen ze vill abstrakt an distant fannen. Dofir begreissen ech ganz besonnesch d'Initiativ vun dësem Projet, dee mir haut zur Ofstēmmung virleien hunn, dee just doranner besteet, d'Geschicht vun Europa fir esou vill Leit wéi méiglech, a virun allem fir d'Jugend, zougānglech ze maachen.

Lëtzebuerg huet als ee vun de Membres fondateurs eng grouss a besonnesch Verantwortung. Mir müssen eis all Moment d'Fro stellen iwwert de Sēnn an d'Zukunft vun Europa. D'Schafung vun engem eenheetleche Maart soll

Fridde schafen, an zwar Fridden iwwerall a mat jidderengem, esou wéi heibannen.

50 Joer méi spēt steet Europa virun enger neier Erausfuerderung. Aus Friddenserhaltungsgrēnn ass eng Erweiderung no Ost- a Mëtteleuropa noutwendeg. Dat heescht, datt muer keng 15 State méi zu Lëtzebuerg, Brēssel a Stroossbuerg iwwer Europa décidēiere wāerten, mā 30. Dēs nei politesch Integratioun geet net ouni Froen. All neie Schratt a Richtung Erweiderung brēngt Onsēcherheet a Skepsis ēnnert d'Bierger, déi fāerten, datt d'Risicke méi grouss si wéi déi méiglech Notzen.

En neien Traité oder déi nächst Reformkonferenz wāerten de Bierger hiert Vertraue kaum zrēckgewannen. Si brauche virun allem d'Gefill enger Communautéit unzēgehēieren, déi sech fir Fridden a Liewensqualitéit asetzt. Eng besser Kenntnis vun der Geschicht vun Europa, vun de Grēnn, déi dozou gefouert hunn, esou eng Communautéit ze schafen, a vun den Etappen, déi et ermēiglecht hunn, Europa esou ze gestalten, wéi et haut ass, géif de Bierger hēllefen, de Sēnn an den Zweck vun Europa besser ze verstoen an ze vertrauen. An erēm hei fēnnst dēse Projet seng Plaz.

D'Aufgab vum Centre virtuel besteet doran, Informatiounen iwwert d'Geschicht vun Europa ze sammeln, ze verschaffen an ēnnert diverse Formen un de Bierger weiterzeleeden. Ob Schūler, Student, Enseignant, Journalist, Politiker oder soss interessēiert Leit, d'Informatioun, déi gebuede gētt, soll jidderengem glāich līcht zougānglech sinn, ouni dofir müssen u Qualitéit ze verlēieren. Éischt Zil vum Centre virtuel ass deemno e Service public ze leeschten.

D'Iddi, fir esou en Etablissement ze grēnnen, dat Informatioun an Dokumentatioun iwwert d'Geschicht vun Europa zesummebrēngt, produziert a verbreet, ass wāhrend den Debatten ëm den Traité vu Maastricht entstanden. Deemools bestong e groust Bedürfnis no onofhāngegem Informatiounsmaterial, sief et an den Zeitungsredaktiounen, an de Ministēren oder an de Schoulen hei zu Lëtzebuerg, mā och am Ausland. Ausser den offizielle Sourcē vun der Europäescher Unioun, déi virun allem aktuell Informatiounen verbreedden, gouf et néierens eng fiabel Quell, déi d'europäesch Konstruktioun an hirer geographescher an ideologescher Diversitéit betruecht. Dēs Informatiounen sinn awer wichteg fir d'Roll vun Europa an eisem deegleche Liewe besser ze verstoen an ze schätzen.

Zur selwechter Zāit hu sech déi nei Kommunikatiounstechnologē lues a lues an eist Liewen integrēiert, fir d'éischt mat digitale Supportē wéi Disketten oder CD-Romen, an e bësse méi spēt mat Internet. Doraus ergouf sech d'Iddi, dēs Technologē fir d'Diffusioun ze benotzen, well si et ermēiglechen, déi interessēiert Leit direkt ze errechen.

Eng éischt Equipe huet e Prototyp ēnnert der Form vun enger CD-Rom zur Geleeēnheet vum 50. Anniversaire

vun Europa produzéiert, ënner anerem iwwert dem Robert Schuman seng Ried vum 9. Mee 1950 an d'Début vum der Europäescher Gemeinschaft. D'Hëllef vum Lëtzebuerger Stat a vun der Europäescher Kommissioun huet et erméiglecht, an déi Richtung weiderzeschaffen.

An deene folgende Jore sinn dunn déi éischt Jalonë gesat gi fir dat, wat haut ënner anerem um Internet, ënnert dem Numm ENAfree, ze erreechen ass. Eng strukturéiert Base de données mat Dausenden Dokumenter iwwert d'Geschicht vun Europa, sief et Originaltraitéen, Zeitungsartikelen, Karikaturen, Fotoen, Toun- a Filmmaterial. Den Interesse, dee vill Leit fir dëse Projet bewisen hunn, beweist, datt souwuel zu Lëtzebuerg wéi an deenen aneren europäesche Staten eng reell Nofro fir Dokumenter an Informatiounen besteet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vum CVCE wäert de Projet ENA weiderbestoen an et kann ee weiderhi fräi iwwer Internet Informatiounen op der Adress [www.enafree.lu](http://www.enafree.lu) opruffen. Probéiert emol, et ass äusserst interessant. Et ass kloer, datt de Contenu vun ENA nach ausgebaut gëtt.

De Gesetzesprojet gesäit niewent dem Conseil d'Administration e Comité des Experts vir. Dëse Comité besteet aus unerkannte Perséinlechkeeten aus dem akademesche Milieu, déi vum Conseil d'Administration ernannt ginn. Ënnert deenen néng Membere wäerten haaptsächlech Enseignanten a Chercheure sinn, déi sech op d'europäesch Konstruktioun spezialiséiert hunn.

D'Missioun vum Comité besteet doranner, de Contenu ze suivéieren. D'Membere vum Comité ënnerstëtzen d'Historiker an d'Juriste vum CVCE an hire Recherchen a validéieren d'Verschaffung vum Informatiounsmaterial. Dës wëssenschaftlech Ënnerstëtzung erméiglecht et, qualitativ héichwäerteg Informatiounen weiderzeleeden.

An dësem Kontext sief ervirgehewen, datt och eng Interaktivitéit tëschent dem CVCE an akademeschen Institutiounen, sief et Unien oder Centres de recherche op nationalem, interregionalem, europäeschem an internationalem Niveau wäert bestoen. Um Projet European Navigator waren net manner wéi zéng Institutiounen bedeelegt.

Duerch d'Zesummebréng vum Informatiounen an historischen Dokumenter an duerch hiert Verschaffen ënnert digitaler Form stellt Lëtzebuerg och eng eemoleg Banque de données zur Verfügung a ka sech och wäit iwwert d'Grenzen eraus als internationalen Informatiouns- a Wëssenszentrum iwwert d'Geschicht vun Europa behaapten.

Doriwwer eraus erméiglecht de Centre virtuel duerch de systemateschen Asaz vun neien Technologien dem Land seng féierend Plaz am audiovisuellen an technologesche Beräich ze sécheren a bedeelegt sech aktiv un der Société de l'information et de la connaissance.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt nach e kuerze Résumé maachen iwwert déi éischt Etappen zur Schafung vum Centre virtuel. No enger Virbereedungszeit an éischten Tester konkretiséiert sech de Projet European Navigator dank der Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuerger Regierung an der Europäescher Kommissioun. Duerch den Arrêté grand-ducal vum 11. August 1991 gëtt de Projet ENA vum Ministère d'Etat iwwerholl. Dat Joer drop gëtt de Budget vum Ministère d'Etat an de Ministère de la Culture, de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche iwwerwisen op Basis vum Budgetgesetz vum 22. September 2000 fir 2001.

Den Interesse, deen de Projet zu Lëtzebuerg an och am Ausland ervirgeruff huet, beweist, datt eng grouss Demande do ass, fir Informatiounen iwwert d'Evolution vun der Europäescher Unioun ze kréien. E juristesche Kader ass noutwendeg, fir datt den ENA och an Zukunft kann allen Interesséierten Informatiounen iwwert Europa ubidden.

An deem Sënn gëtt d'Regierung de 6. Dezember hiren Accord fir d'Schafung vun engem Etablissement public, genannt Centre virtuel de la connaissance sur l'Europe, kuerz CVCE. De 24. Januar 2001 huet d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, Minister fir d'Kultur, den Enseignement supérieur a Recherche e Projet de loi déposéiert. An der Kommissiounssëtzung vum 17. Mee 2001 gouf de Rapporteur vum Projet designéiert an d'Dispositiounen am Gesetz goufen a Presenz a mat Hëllef vun der Mme Minister Hennicot explizéiert. An der Kommissiounssëtzung vum 29. Mee hu sech d'Membren an allen Einzelheete mam Gesetzestext befaasst an den 30. Mee 2001 konnt sech d'Kommissioun op der Plaz selwer en eegent Bild iwwert de Centre virtuel maachen. Ech muss soen, mir waren alleguer ganz angenehm iwwerrascht, well déi wéinegst vun eis woussten iwwerhaupt eppes iwwert dëse Centre. Ech mengen, et war héchstens ee vun de Membren, deen um Courant war, datt iwwerhaupt esou e Centre géif bestoen.

### (Interruption)

Ech soen dat elo net. Ech gi jo ëmmer gär de Leit eng Aufgab op: Dir kënnt roden tëschent eelef Leit.

Doriwwer eraus huet d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics de 15. Juni 2001 en Avis zum Projet ofginn. De Statsrot huet säin Avis de 27. November 2001 ofginn, deen an der Kommissiounssëtzung vum 24. Januar analyséiert gouf. De Statssekretär vun der Fonction publique, den Här Joseph Schaack, war an der Sëtzung vum 6. Februar 2002 uwiesend, fir iwwert den Artikel 8 ze beroden. De schrëftleche Rapport ass vun der Kommissioun den 28. Mee 2002 ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegeen - Mme Delvaux, mir wëssen, firwat mer laachen -, dat ass dat, wat et generell iwwert de Projet ze soe gëtt. Ech wëllt dann awer och vu menger

Interventioun profitéieren, fir op de Commentaire des articles an d'Haaptobservatioun vum Statsrot zum Gesetzestext anzegoen. Mir sinn deene meeschten Observatioun vum der héijer Kierperschaft nokomm, an déi Punkten, deene mer nokomm sinn, wëll ech hei guer net méi erwähnen. Ech wëllt just déi Punkten erwähnen, wou mer dem Statsrot net gefollegt sinn.

Fir d'éischt zum Intitulé: De Statsrot hat virgeschloen, den Intitulé vum Projet de loi ëmzeänneren, mam Argument, datt eng Institutioun wéi de CVCE u sech en Etablissement public ass mat enger wëssenschaftlecher, administrativer a finanzieller Autonomie, an deemno a kengster Weis virtuell ka sinn. An dësem Punkt ass d'Kommissioun dem Statsrot net nokomm.

Den Artikel 4 gesäit d'Dispositioun fir de Verwaltungsrot vir. De Statsrot hätt et gäre gesinn, wann de Législateur d'Hierkunft vun den néng Membre festgeluegt hätt. Doriwwer eraus wollt de Statsrot den Terme vun de berufleche Kompetenzen eraushuelen, well den Terme net kloer zum Ausdrock bréngt, wat fir Kompetenze gemengt sinn. Et geet och net kloer aus dem Text ervir, op de President aus dem Verwaltungsrot ka gewielt ginn oder net. D'Kommissioun huet déi Suggestioun vum Statsrot iwwerholl.

Den Alinéa 8 vum Artikel gesäit d'Révocation vum Verwaltungsrot vir. De Statsrot ass der Meenung, datt déi néideg Autonomie vum Etablissement domadder a Fro gestallt ass. De Statsrot opposéiert sech awer net géint dës Dispositioun, mä hält drop, datt dës Méiglechkeet nëmmen an engem ganz exceptionnelle Fall dierf spillen.

Den Artikel 6 regelt d'Kompetenze vum Verwaltungsrot. Et sief an dësem Kontext dorobber higewisen, datt de Statsrot beim Projet iwwert de Centre national sportif et culturel an iwwert de Centre culturel de rencontre de l'Abbaye de Neumünster en équilibréierten Text proposéiert hat, deen zum engen déi reell Autonomie vum Etablissement public garantéiert an zum aneren dem Stat d'Méiglechkeet gëtt, eng effektiv Kontroll ze maachen. Déi Kompetenzléscht, déi de Statsrot proposéiert huet, ass awer no Usicht vun der Kommissioun net vollstänneg, an doriwwer eraus ass de Statsrot och net explizit genuch wat d'Nominatioun vum Expertekomitee ubelaangt. D'Kommissioun zitt et deemno vir, beim initialen Text ze bleiwen, dee sech un den Dispositiounen aus dem Gesetz iwwert de Fonds national de la Recherche orientéiert.

Lo kommen ech schonn zum Artikel 8 - Här President, ech huele vläicht e bësse méi Zäit, well mir jo keen Orateur mandaté hunn. Ech hu mäi Rapport sou vill gekierzt, mä méi war net dran. Dofir, wann Der mer net bëss sidd, dann huelen ech nach e puer Minutten, déi den Orateur mandaté gehat hätt. Merci alleguerten!

**(Interruption et hilarité)**

Den Artikel 8, Här Loes, huet am meeschte fir Diskussionsstoff an der Kommissioun gesuergt. Den Artikel gesäit nämlech vir, datt engersäits Leit kënnen mat engem Contrat à durée déterminée ugestallt ginn, an anersäits Fonctionnaires oder Employés de l'Etat fir de CVCE kënnen détachéiert ginn. De Statsrot huet zu Recht drop higewisen, datt e Règlement grand-ducal, deen d'Modalitéite fir dës lescht Kategorie fixéiert, iwwerflësseg ass, well den Détachement vu Fonctionnaires a vu Stats-employed schonn am Artikel 7 vum modifizéierte Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut général vun de Statsbeamte virgesinn ass.

De Statsrot huet en Text proposéiert, deen dësem Sachverhalt Rechnung dréit. De Statssekretär an der Fonction publique an der Réforme administrative gouf erugezunn, fir en Accord ze fannen, deen et engem détachéierte Fonctionnaire erlaabt, bezuelt ze ginn, a seng Carrière an deem Grad weiderzeféieren, deen hien dee Moment vum Détachement hat.

Mat der Nominatioun vun der betreffender Persoun als Conseiller de gouvernement konnt eng zefriddestellend Léisung fonnt ginn, déi zum engen de berufleche Qualifikatiounen, déi fir dësse Poste verlaangt ginn, an zum aneren der excellenter Pionéieraarbecht fir de Projet ENA Rechnung droen - ech mengen, zwou Konditiounen, wouvunner d'Kommissioun sech sur place zu Suessem an an der Kommissioun mat där betreffender Persoun konnt iwwerzeegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss...

**Une voix.** - Très bien!

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.** - ...soen ech awer nach zwee Sätz, gell! Awer just fir lech ze tréischten hunn ech emol zur Einleitung "zum Schluss" gesot.

Zum Schluss hoffen ech, datt ech lech duerch mäi Rapport konnt,...

**(Interruption)**

...dee jo awer e ganz abstrakten ass, de Projet e bësse méi verständlech maachen.

Ech wëll alle Membre vun der Kommissioun - alle Membren - e ganz spezielle merci soen, fir déi konstruktiv a kooperativ Aarbecht an enger frëndschaflecher Atmosphär. Just dat ass dat Flottst an eiser Kommissioun. Ech wëll och der Mme Minister an all hire Mataarbechter merci soen, der Sekretärin vun der Chamberkommissioun

**(Interruptions)**

Ah jo! Déi Madame ass nei ageklommen, déi war nei hei am Haus an huet sech immens gutt ageschafft, souwéi och eise Matarbechter am Pool.

Ech sinn iwwerzeegt, datt sech d'Ziler vum CVCE ausbezuelen. Ech wëll och heimadder den Accord vu menger Fraktioun bréngen. Ech hoffen, datt déi aner Fraktiounen

datselwecht maachen, wéi se dat och an der Kommissioun gemaach hunn. Ech soen och elo zum Schluss all den Deputéierte merci, e ganz léiwe Merci un all déi Deputéierten, déi heibliwwen sinn...

### **(Interruptions)**

...an déi och nogelauschtert hunn. Ech géif d'Bühn fräi maachen - den Här Loes géif soen, d'Piste raumen - firdeen nächste Riedner. Merci!

### **(Interruptions)**

**M. le Président.** - Als éischt Riednerin ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

### **(Interruptions diverses et hilarité)**

### **(M. Jean Asselborn prend la Présidence)**

### **Discussion générale**

**Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu dass mer sou eng fei Presidentin an also och eng fei Rapportrice hu vun dësem Projet wëll ech da lo, no der Mme Stein hire ville Mercien, hir da merci soen.

**Plusieurs voix.** - Ah! Ah!

### **(Interruption)**

**Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).** - Si huet dat jo gemaach. Ech soen hir da merci, well si krut jo lo nach net merci gesot fir déi Aarbecht, déi se hei gemaach huet.

Zéng Joer nodeem d'Iddi vum Projet ENA an d'Welt gesat ginn ass - 1992 - stëmme mer dann haut de Projet de loi, deen en Etablissement public Centre virtuel de Connaissance de l'Europe soll instituieren. Zéng Joer ass jo eng laang Zäit. Ech wollt da vun der Geleeënheet profitieren, fir deene Leit, déi d'Iddi haten - deemools -, fir sou e Projet unzegoen - ech denken un éischter Plaz un d'Mme Backes, déi deemools am Centre d'Etudes et de Recherches Européennes Robert Schumann war -, fir d'Iddi ze félicitieren an hinnen och meng Bewonnerung auszedrécke fir d'Ausdauer, déi se gewisen hunn, fir esou e Projet an de Wee ze leeën an en duerchzezéien. Allerdéngs ass e jo och vu ville Leit ënnerstëtzt ginn. Ech mengen, et war einfach dee Projet ze ënnerstëtzen. Ech hunn en zwar net perséinlech ënnerstëtzt, fir mech jiddefalls ass et awer einfach nozevollzéien, woufir et einfach war; aus dräi Ursaachen nämlech: Éischtens, well et wichtig ass eng gutt Dokumentatioun iwwer Europa ze offréieren, well immens vill Saache vergiess ginn. Déi Dokumentatioun, déi hei opgeschafft ginn ass, déi souwuel Text wéi Bild wéi Film wéi Toun ëmfaasst, ass wierklech eng einmaleg Source vun Informatiounen.

Zweetens fannen ech, datt et gutt ass an datt et Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht steet, dass mir sou eng Initiativ huelen als eent vun deene Länner, déi ëmmer stolz si fir ze soen, dass se Membre fondateur waren. Och als Siège vun den Institutiounen fannen ech et gutt, dass et

zu Lëtzebuerg geschitt a vu Lëtzebuerg matfinanziert ginn ass.

### **(Interruption et coups de cloche de la Présidence)**

Drëttens war ufanks vun den 90er Joren d'Diskussioun ëm d'Informatiounsgesellschaft an déi nei Technologie jo ganz aktuell. Eigentlech ass deemools, net nëmmen an Europa, mä iwwerall, no Inhalter gesicht gi fir déi Informatiounsgesellschaft a fir déi Réseauen ze benotzen a fir niewent der ganzer Publicitéit, déi do entstanen ass, och eng wäertvoll Dokumentatioun zur Verfügung ze stellen.

Deemools war sécher och gewosst, dass dat eng ganz komplizéiert, komplex a laangwiereg Aufgab géif ginn. Vlächicht wosst keen, wéi laang a wéi komplizéiert a wéi komplex et géif ginn. Mä dat, mengen ech, war d'Schicksal vu ganz ville Projeten, déi an där Zäit lancéiert gi sinn, wou sech am Entstoen am Fong ganz vill Schwierigkeete gewisen hunn. Viru kuerzem - an d'Mme Stein huet dat hei gesot - hu mer eng Presentatioun vun den aktuelle Resultater gemaach kritt. Ech war och ee vun deenen, déi ganz impressionéiert dovunner waren. Et ass eng Aarbecht, wou immens vill Intelligenz, vill Fläiss, vill Réflexioun drastéicht, souwuel wat den Inhalt ugeet vun der Presentatioun, mä awer och déi technologesch Moyenen, déi agesat gi sinn, fir de Leit et esou ze presentéieren, datt se och eppes mat deem Instrument ufänke kënnen, well et hänkt ganz vill un de Moteur-de-recherchen, fir dass ee sech iwwerhaupt an der Mass vun Informatiounen erëmfanne kann.

Fir ufanks der Woch hu mer zum ganze Projet de Rapport vun der Cour des Comptes kritt, deen de Projet ENA analyséiert huet a sech kritesch domadder ausernee gesat huet. Dee Rapport bescheinegt de Responsablen, datt se - ech zitieren -: "La gestion comptable peut être qualifiée de bonne."

E seet och, dass d'Ecarten tëschent dem Budget prévisionnel an dem Budget définitif minime sinn, wat u sech awer aus dem Mond vun der Cour des Comptes schonn e Kompliment ass.

Selbstverständlech schwätzt d'Cour des Comptes och verschidde Problemer un: Éischtens ënnersträicht se, dass vill budgetär Moyene vu Lëtzebuerg aus an dee Projet gestach gi sinn an dass mer eigentlech un der Limite sinn, wou een dat nach ka maachen ouni Gesetz. Dat ass eng Ursaach méi firwat et wichtig ass, e Gesetz ze stëmmen. E werft eng Rei vu Problemer op, déi net geléist sinn, wéi zum Beispill d'Propriété intellectuelle, mä ech hoffen, dass do Léisunge fonnt gi sinn. E werft de Problem op vum Détachement vun de Responsabele vum Projet, wat net déi allerbeschte Léisung ass.

Hei wéilt ech just eng Klammer maachen: Mengen Erfahrungen - no deenen Aarbechten an der Kommissioun - si jiddefalls, dass d'Fonction publique zu Lëtzebuerg net ganz flexibel ass, wann ee Léisunge wëllt siche fir Leit, déi net eng classesch Carrière hunn. Mir si formi-



dabel fir all déi Leit, déi ee klasseschen CV hunn, mä all déi Leit, déi aus der Rei falen, déi entweder net ëmmer beim Stat geschafft hunn an haaptsächlech - an dat ass dat, wat ech am schwierigste fannen - Leit, déi um zweete Bildungswee oder niewebäi eng aner Formation gemaach hunn, dass mer eis ganz schwéier di fir dat unzërkenne beim Lëtzebuerger Stat. Ech hoffen, dass um Punkt vun der Reform vum Statut, déi elo soll diskutéiert ginn, Léisunge gesicht ginn, well mir schwätzen zu Lëtzebuerg an an Europa ganz vill iwwer "life-long learning" an ech mengen, dass mer do wierklech en Defizit hunn, well wa Leit dat maachen, dann erkenne mer dat, jiddefalls an der Fonction publique, nëmme ganz schwéierfällg un.

Ech wëll och soen, dass mer an der Chamber eigentlech keng Léisung fonnt hunn. Mir hunn um legislative Wee keng Léisung zu deem Problem fonnt. Ech mengen, dat ass awer ee Constat d'échec, deem d'Chamber sech muss op den Hutt huelen.

Ech mengen, et ass elo eng Léisung fonnt gi fir e punktuell Problem ze léisen, mä mir als Législateur hunn déi Léisung net fonnt. Ech ginn d'Aufgab also weider un d'Membere vun der Fonction publique fir sech do eppes afalen ze loossen.

Aus deenen Ursaachen, och mat deene kritesche Remarque vun der Cour des Comptes, mengen ech, dass et wichteg ass, dass ee legale Kader geschafe gëtt. Ech wëll och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Gesetz ginn.

Ech wëll awer och soen - dat ass elo ganz perséinlech: Ech fannen deem Etablissement public, deem do geschafe gëtt fir ongeféier 25 Leit, relativ schwéierfällg, wann ee muss néng Leit an engem Conseil d'administration hunn, ee Commissaire de Gouvernement, an dann derniewent - wat ech awer positiv fannen - eng Commission d'experts vun néng Leit. Dat sinn eigentlech méi Leit déi encadréiere wéi Leit, déi schaffen. Ech muss soen, dat ass e ganz schwéierfällg Apparat, deem do opgebaut gëtt.

Och mat deem Schéinheitsfeeler géif ech trotzdeem den Accord ginn an dann anticipativ, an ech schlësse mech dem Här Garcia un, ee vun de Problemer, mir plädéieren hei äifreg fir Etablissement-publicuen. Och meng Partei, ëmmer triede mer an, mir hätte gär en Etablissement public, well dat Öffentlech-rechtlech ass, mä dann awer och mam Wonsch, dass mer informéiert ginn iwwert d'Aktivitéiten, iwwer alles, wat an den Etablissements publics geschitt, well wann déi grad esou ontransparent si wéi Privatgesellschaften, dann hätt et och net vill Intérêt fir een Etablissement public ze schafen.

Ech hunn dann nach, fir ofzeschlëssen, ee Wonsch: Ech wär frou, wann deem Etablissement public an dee ganze Projet ENA géife méi bekannt ginn. Ech sinn eigentlech ganz traureg, wann ech Leit uschwätzen, déi sech awer

fir Europa interesséieren, wéi wéineg dass de Projet, och am Ausland, bekannt ass. Ech géif hoffen, dass dat, fir esou ee Projet, awer net limitéiert dierft sinn op e puer Insider déi wëssen, wou se d'Informatiounen siche ginn, mä dat muss wierklech engem breede Publikum zougängeg sinn.

Dat wär dann also dee Wonsch, deem ech un den zukünftigen Etablissement public géif riichten.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Merci, Mme Delvaux. Nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel.

**M. Xavier Bettel (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems d'Mme Delvaux et scho gemaach huet an den Här Greisen, den Här Garcia an d'Mme Ministesch datselwecht wëlle maachen - d'Mme Stein ass net méi do -, wollt ech op jidde Fall eiser Presidentin och merci soe fir hire Rapport.

**(Interruption)**

Mir schwätzen haut iwwert e Projet, dee schonns eng gewësse Virgeschicht huet. D'Grondiddi fir de "Centre virtuel de la Connaissance de l'Europe" ze schafen, berëfft sech op de Projet "European NAVigator", oder kuerz ENA genannt, deem 1992 initiéiert gouf. Et handelt sech hei ëm een interaktive Multimediasystem, deem de Studenten, den Enseignanten, de Chercheure soll, anhand vun den neien Technologien, en direkten Accès zur Geschicht vun Europa liwweren.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Zesumme mam Centre d'Etudes et de Recherches européennes Robert Schuman huet eng pluridisciplinaire Equipe e Prototyp vum Projet op CD-ROM realiséiert. D'Lëtzebuerger Regierung huet du mat der Bréisseler Kommissioun eng Konventioun ënnerschriwwen, déi déi néideg Moyene fir den Développement vum Internet-Site zur Verfügung gestallt huet.

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

Merci, Här President!

Fir dem Besoin un Informatiounen iwwert Europa

**(Brouhaha général)**

zevirzekommen, waren d'Auteurs vum Projet sech eens fir ee Centre ze schafen, deem, nom Beispill vum European Navigator, seng eege Projete promouvéiert a gläichzäiteg der Demande vun de Leit, esouwuel um linguistesche wéi och um Plang vun der Informatioun, entsprécht.

Den Développement vun Europa gëtt esouwuel aus historischer Siicht wéi och um institutionelle Plang traitéiert. D'Dokumenten, déi den Utilisateur am Original oder an der Traduktioun oprëfft, kënnen kopéiert ginn.

D'Equipe, déi hannert dësem Aarbechtsinstrument fir d'Studenten, d'Enseignanten, d'Chercheuren oder dem interesséierte Public steet, besteet haut, 2002, aus 29 Wëssenschaftler - Historiker, Juristen, Informatiker, etc. - an enger Rei free-lance Iwwersetzer. Pour rappel: 2000 waren et der 24 an 2001 waren et der 25. De Personnel fixe gëtt duerch ongeféier 40 onofhängeg Expäire complétéiert, déi fir verschidde spezifesch a limitéiert Tâche consultéiert kënnen ginn. Dat si relativ vill Leit wann ee bedenkt, wéi et a villen anere Ministère awer ausgesäit.

De Centre steet a Kooperatioun mat verschiddenen Universitëten aus dem Ausland wéi Paräis, Florenz, Bruges, mä och dem Centre universitaire zu Lëtzebuerg.

D'Regierung hat fir d'Schafung vum Centre virtuel dann och gemengt, datt - ech zitieren -: "Le rôle de l'Etat reste essentiel étant donné qu'il s'agit d'offrir aux citoyens un service public performant et en relation avec leurs besoins." Doropshin huet d'Regierung fir en Etablissement public als Structure légale fir de Centre virtuel optéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir net der Rapporteuse, der Mme Stein, déi elo heibannen ass, där ech dann nach eng Kéier merci soen, hir Wieder nach eemol ze widderhuelen, wollt ech

### **(Brouhaha général)**

elo net ze vill am Detail op d'Missioun oder d'Objektiver vum "Centre virtuel de la Connaissance sur l'Europe" agoen.

Erlaabt mir dofir op méi spezifesch Punkten anzegoen, déi engersäits den organisatoreschen an anerersäits de finanzielle Volet vun dësem Projet betreffen.

De Statsrot huet wuel Recht, wann hien a sengem Avis vum 27. November 2001 seet: "Même si au moment de l'introduction de l'euro comme monnaie unique, l'Europe devient une réalité plus palpable pour la plupart des gens, il n'est cependant pas aisé pour les citoyens européens, et surtout pas pour les jeunes, de bien comprendre le processus historique et institutionnel de la construction européenne. Cela vaut également à l'avenir notamment pour le processus d'élargissement qui va singulièrement compliquer les procédures décisionnelles actuellement en vigueur."

Virun allem am Hibleck op den Elargissement vun der Europäescher Unioun ass et vu grousser Wichtigkeet, datt d'Gesellschaft beschtens iwwert d'Entstehung an de weideren Développement vun Europa a sengen Institutione Bescheid weess. Dëst ass sécherlech e wichtegt Element fir déi Unitéit, déi mir bei Europa ustriewen, och beim Europa an de Käpp vun de Leit, ze erreechen. Jidderee soll sech kënnen un der bestänneger Konstruktioun vun der EU interesséieren an och op seng Manéier bedeelegen, fir sech kënnen als een Deel vun deem Europa ze spieren, dat eis allegueret jo betrëfft.

Fir dëst ze erreechen, muss d'Informatioun natierlech esou transparent an och esou einfach wéi méiglech de Leit zougänglech gemaach ginn. Domat läit et natierlech op der Hand, datt d'Auteurs, esouwuel vum ENA wéi och vum Centre virtuel, op déi nei Technologien zrëckgegraff hunn, fir hirt Produkt zougänglech ze maachen, an dëst natierlech och am Sënn vun eEurope.

Ech erënneren duerfir gären un d'Wieder vum Conseil européen vu Feira den 19. an 20. Juni 2000, "qui a approuvé un plan global d'action eEurope 2002 en demandant aux institutions, aux Etats membres et à tous les autres acteurs d'en assurer la mise en oeuvre intégrale en temps voulu pour 2002 et de préparer des perspectives à plus long terme pour une économie fondée sur la connaissance, qui favorise l'intégration par les technologies de l'information et comble la fracture numérique."

An deem Sënn kann ech dem Statsrot nëmme Recht ginn, wann hie seet, datt well d'Objektiv vum Centre virtuel ass fir d'noutwendeg Fakultéiten ze développéieren, fir d'Informatioun iwwer Europa ze verstoen, ze analyséieren an ze interpretéieren, an et och de Rôle vum Centre virtuel ass, déi néideg Instrumenter ze liwwere fir d'Formatioun an och d'Informatioun tout au long de la vie ze fördern.

Forméiert an informéiert Bierger si wichteg, fir een Europa ze schafen, dat méi demokratesch, méi transparent, méi biergerno, méi solidaresch innerhalb vun Europa a vis-à-vis vun den iwwrege Staten ass.

**Une voix.** - Très bien.

**M. Xavier Bettel (DP).** - Merci!

Een Europa, dat d'Grondfräiheeten an d'Mënscherechter an de Virdergrond stellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat alles fir lech ze weisen, datt un der Grondiddi vun engem Centre virtuel pour la Connaissance sur l'Europe mam ENA als "service phare" u sech näischt Gréisseres ze beanstanden ass. Et ass éischer nach eng luewenswäert Initiativ.

Allerdéngs, no dësem klengen europäeschen Exkurs wëll ech op e puer Punkten agoen, déi dëse Projet duerch säi souzoe Virgänger, den European Navigator, relativéieren.

Säit '93, d'Créatioun vum European Navigator geet jo op d'Joer '92 zrëck, ginn d'Fräen - wéi d'Mme Hennicot de Kommissiounsmembere matgedeelt huet - zu 40% vun der Brüsseler Kommissioun, zu 60% vun der Lëtzeburger Regierung gedroen. Säit 2001 dréit nach just de Lëtzeburger Stat, plus d'privat Apporten, de Finanzement vum ENA.

Am Fonds pour la Recherche ass e Kreditt vu 70 Milliounen Luf virgesinn. De véier Milliounen Luf héije Kreditt am Budget 2001 ass, laut Ministesch, complémentair, a fir d'Deckung vun de supplémentäire Fräen, déi

duerch d'Erstelle vu Kontrakte mat de Chercheuren entstinn, virgesinn. A well et sech jo u sech ëm een net kommerzielle Projet handelt, gëllt fir d'Utilisateuren eventuell eng Bedeelegung un den Développementsfräen.

Et geet hei jo schliesslech net ëm wéineg Geld. De Statsbudget wäert nach e gréisseren Deel vun der finanzieller Laascht droe mussen.

Dobäi kënnt, datt mer an der Vergaangenheet schonns mam European Navigator konnte feststellen, wéi séier de Budget huet missen no uewen adaptéiert ginn.

An Zuelen ausgedréckt gëtt dat dann nach e gudde Krack méi däitlech: De Gesamtbudget vum ENA-Projet chiffriert sech, wann een d'Dékonte vun de Jore '96 bis 2000 an d'votéiert Budgeten 2001 an 2002 considéiert, op 6.221.887 Euro.

De Lëtzebuerger Stat huet, wann een d'Zäit vum Cofinancement, '96 bis 2000, mat der Bréisseler Kommissioun an d'Montantë vun deene votéierte Budgete vun 2001 an 2002 zesummerechent, eng Zomm vu 4.693.725 Euro investéiert.

Dës Zuele stamen aus dem Avis vun der Cour des Comptes, déi an deem Sënn och zu Recht drop opmierksam mécht, datt eleng den ENA-Projet trotz dësen héijen Investitiounen ëmmer nach net operationell ass.

An deem Kontext wëll ech dann och bemierken, datt de Statsministère den 3. Dezember '99 e Schreiwes un d'Directrice vum Projet adresséiert huet, wou den Artikel 1 aus der Convention-Cadre vum ENA-Projet Synonym vun enger "obligation de résultat" gëtt mat enger Echéance, déi op den 31. Dezember 2000 festgeluegt gouf.

Och den Exposé des motifs vum Projet fir de Centre virtuel inspiréiert sech um Artikel 1 a gesäit den "accès à grande échelle" als eng wichteg Charakteristik vum Projet.

Här President, wann dësen Objektiv erreecht wier, wieren dës Sue gutt investéiert. Laut der Cour des Comptes ass den ENA-Projet an enger Testphas. Chiffere wéi 6.221.887 Euro oder 4.693.725 Euro eleng fir de Lëtzebuerger Stat sinn net wéineg.

A well d'Enveloppe financière vum ENA-Projet sech kontinuierlech gesteigert huet, wëll ech op dëser Stell den Text vun der Cour des Comptes widderhuelen, dee seet, dass: "le projet ENA se heurtera, pour l'exercice 2004, aux prescriptions de l'article 99 de la Constitution. En effet, selon cet article, tout engagement financier important de l'Etat doit être autorisé par une loi spéciale. Le seuil d'application de cette disposition a été fixé par l'article 80 de la loi modifiée du 8 juin '99 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat à 7.500.000 Euro."

Et kann also sinn, dass mir eis net fir d'lescht hei mat deem Projet an der Chamber befaasse wäerten.

Dernieft stelle mer fest, datt am Arrêté grand-ducal vum 11. August '99 den ENA-Projet ënnert d'Kompetenz vum Statsministère gefall ass. An der Praxis ass dann de Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche dofir zoustänneg. Och am Projet iwwert de Centre virtuel ass dëse Ministère als Ministère de tutelle virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nieft deene puer kritesche Remarken, déi ech mer erlaabt hunn, wëllt ech awer soen, dass d'Fraktioun vun der demokratescher Partei dëse Projet de loi wäert stëmmen.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Merci, Här Bettel. D'Wuert huet den Här Greisen.

**M. Fernand Greisen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un all déi Persounen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, a virun allem un déi Leit, déi um Terrain am Centre virtuel schaffen.

No den detailléierten Aussoe vu menge Virriedner brauch ech hei net méi am Detail op de Projet selwer zrëckzekommen. Hei besteet eng wäertvoll Dokumentatioun iwwert d'Geschicht vun Europa, mat Hëllef vun den neien Informatiouns- an Telekommunikationstechnologien.

Den ADR wäert dëse Projet matstëmmen. Ech kommen awer hei net derlaanscht, eng méi allgemeng Bemierkung ze maachen zu engem Thema, dat mer allze vill eesäiteg am Rapport duergestallt ginn ass.

Am Rapport gëtt ugefouert, dass den Opbau vun der Europäescher Unioun en Défi fir de Bierger ass, dass d'Regierung vum den EU-State méi kloer Messagë brénge missten iwwert déi nächst Schrëtt a Richtung vereenegt Europa, an dass et noutwendeg ass, déi néideg Mëttel anzesetzen, fir dem Bierger den europäeschen Integrationsprozess méi no ze bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës schéi Satz kann ee selbstverständlech ënnerstëtzen, mä heira läit en Ageständnis, dass an der Vergaangenheet viles net esou war, vun deene sou genannten an dichtege stats-tragende Politiker net esou gemaach ginn ass, wéi dat eigentlech selbstverständlech misst sinn.

Bei de leschten Europawahle war den ADR mat sengem kloer Message "Europa jo, mä net esou" dëser Fuerderung, déi ech virdru genannt hunn, schonn am Viraus nokomm. Mir sinn a waren iwwerzeegt, dass déi Europäesch Unioun nëmmen da kann eppes ginn, wa se d'Bierger an déi national Demokratie respektéiert. Dozou gehéiert méi Matsproocherecht, méi Transparenz a méi Informatioun vun alle Matbierger. Wann dëse Projet dozou kann eppes Positives bäidroen - an dat hoffe mir -, da sinn dës Gelder, déi hei virgesi ginn, ganz sécher

gutt ugeluegt. Domat wëll ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet matdeelen.

**M. le Président.-** Merci, Här Greisen. Den nächste Riedner ass den Här Garcia.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, keng Angscht, ech soe kengem merci. Ech brauch kengem merci ze soen, well ech kréie jo näischt. Et ass net wéinst engem Deputéierten, datt déi Saachen hei passéieren, mä wéinst der Allgemengheet, also ass déi Mercisgeschichte e bëssen iwwerflësseg.

Am Prinzip, Här President, kann een esou en europäesche Projet begreifen, well trotz alle positive Jubelstimmungen gëif ech mengen, dass d'Konzept vun Europa net esou verankert ass an den Esprits individuels an an der Conscience collective vun de Biergerinnen a Bierger an Europa an zu Lëtzebuerg. Europa gëtt oft als eng abstrakt Unitéit an enger imposéierter Entwécklung ewech vun der Realitéit vun de Bierger an als ee mat engem héijen Opwand vu Bürokratie behaftene Moloch perceviert.

Et ass also wichteg, dass een d'Geschicht vun der Union européenne de Bierger a Biergerinnen, awer och de Studenten a Studentinnen an natierlech och de Fuerscher méi no bréngt, fir dass se sech méi intensiv entweder beruflech oder privat domadder ausernee setzen. D'Basis vun engem Intérêt fir d'Entwécklung vun der Europäescher Unioun ass natierlech och d'Geschicht vun där Unioun säit der Nokrichsäit. D'Iddi, fir déi Geschicht a Form vun engem virtuellen Angebot opzeschaffen, ass sécherlech wéinst där Fülle vu Material, déi et gëtt, ze begreifen, well ech denken, wann ee gëif eng gréisser Bibliothék mat deem Material fëllen, wat awer trotzdeem relativ dréchen ass, well et aus ganz villen Akte besteet, déi gëif bestëmmt manner Leit interesséiere wéi en attraktiv opgemaachtent Angebot op dem Netz.

Ech wëll eng kleng Parenthèse maachen, déi elo net direkt mam Projet zesummenhängt. Ech denken dass et wichteg wär, d'Bierger an d'Biergerinnen, beziehungsweise d'Associatiounen, déi wëllen eppes mat der EU ze dinn hunn, méi staark iwwert déi - wéi soll ech soen - kleng bürokratesch Kniffen, déi se musse kennen, ze informéieren, well wann en eenzelne Bierger oder eng Associatioun e bëssen iwwert hiert Wëssen iwwer d'EU eraus e konkrete Projet mat der EU wëllen ugoen, da sti se oft virun engem groussen Bierg an da musse se ganz vill antichambreiere bis se de richtege Büro fonnt hunn, fir en attraktive Projet kënnen eventuell mat der EU duerchzeféieren.

Wat nach weider positiv un dësem Projet ass - ech kommen dorobber zrëck -, dass emol endlech eng Lëtzebuerger Kompetenznisch exploitéiert gëtt, déi eigentlech am Laf vun de Joréngten opgebaut ginn ass, nämlech well Lëtzebuerg jo awer den Terrain war vun enger ganzer Partie an enger wichtiger Partie vun Aktivitéiten op euro-

päeschem Plang. Ech fannen et ganz positiv, dass de Sëtz vun esou engem - wéi soll ech soen - länneronofhängegen Instrument wéi de Navigator hei zu Lëtzebuerg ass.

Déi zweet Fro, déi ech opwerfen, ass déi vum Etablissement public. Do leien ech op darselwechter Linn wéi d'Mme Delvaux, well mir hunn eis widderhuel agesat fir d'Schafung vun Etablissements publics, well déi awer zumindest d'Potenzial hu fir méi Transparenz an esou Strukturen ze bréngen, déi e bëssen als Satellite rondem de Stat oder d'Regierung funktionéieren. Allerdéngs muss ee sech ëmmer iwwert d'Verhältnisméissegkeet vun esou engem Etablissement public Froe stellen. Effektiv, déi Froen, déi d'Mme Delvaux opgeworf huet, si sécherlech pertinent, an ech kommen a mengem véierte Punkt vu menger Interventioun nach kuerz dorobber ze schwätzen.

Et ass esou, dass verschidden Institutiounen e bësse méi no bei de Finanzressourcë si wéi aner. Déi ginn da relativ großzügeg mat finanzielle Ressourcë begléckt, während aner, besonnesch déi, wa se net staatlech sinn, oft um Dréchene gelooss ginn. Do kommen ech natierlech nach zum Schluss drop ze schwätzen.

En drëtten Punkt, deem ech wëll opwerfen, wou ech awer net wëll falsch verstane ginn, dat ass dee vun Institutiounen, déi historesch gewuess sinn am Donschtkrees vun dem Pouvoir. Mir falen eigentlech hei zu Lëtzebuerg véier Fuerschungsinstitutiounen an: engersäits de CEPS / Insee, dee jo nach ëmmer beim Statsministère ugesiedelt ass, dann den Institut d'études européennes et internationales Luxembourg, deem an der Philippegass hei ass an deem och dem Statsministère ennergegliedert ass, dann de Centre d'études et de recherches européennes Robert Schumann a schliesslech den European Navigator, déi alleguerten an engem Ëmfeld vun dem Pouvoir ugesiedelt sinn.

Elo kann een dovun halen, wat ee wëllt, an ech wëll kengem vun deenen Instituter ënnerstellen, dass se elo net géife seriö schaffen, oder dass se géifen eng ze vill ofhängegkeetskonform Funktioun ausüben. Et muss een awer soen, dass am Ausland esou Institutiounen oft vum Pouvoir missbraucht gi sinn zu Propagandazwecken oder souguer zu Geldwäschanlage fir Parteien. Dat wäert sécher zu Lëtzebuerg net de Fall sinn, mä ech muss awer d'Fro stellen, ob een net muss insistéieren op eng komplett Fräiheet vu Fuerschung a Léier, souwuel Fräiheet vun de privaten Influencë wéi Fräiheet vun de gouvernanten.

Do muss ech awer dann d'Fro stellen, well ech mer elo hei e Fait zu Gemitt gefouert hunn, deem d'lescht Woch passéiert ass. Do ass effektiv en Direkter vun engem vun deene véier Instituter, déi ech lech genannt hunn, deem awer bis elo eigentlech éischter bekannt war fir seng Nähe zu dem Pouvoir a senger Staatstreue, op eemol an enger grousser Lëtzebuerger Dageszeitung duergestallt gi wéi quasi e Géigner vun den USA, well e Proposé



gehalen huet op engem Seminaire vun enger Partei, déi vun därselwechter als unglaublich duergestallt ginn, mä d'Proposen, wa se rapportéiert ginn, gi se awer als richteg duergestallt - mä dee seet awer lauter Saachen, déi ech eigentlech zimlech ganz richteg fannen -, an da seet zum Schluss de Leitartikel: "... sollte der Leiter des Institut d'études européennes et internationales du Luxembourg dies tatsächlich so gesagt haben, wird er seinem obersten Dienstherrn, Staatsminister Jean-Claude Juncker, so einiges erklären müssen, wobei man hier wohl nur schwerlich von Missverständnissen ausgehen kann."

Ech hu mer soe gelooss, dass de Statsminister op déi Kriticken net agaangen ass, mä ech fannen et awer eigentlech e geféierlecht Phenomeen, soubal wann esou en Institut eppes mécht, wat enger gewësser Richtung net an de Krom passt, dass se dann an der Geforsinn, am Ree stoe gelooss ze ginn, well et weess ee jo net wéi an engem anere Fall do de Chef de tutelle reagiert hätt. Duerfir réitérieren ech nach eng Kéier eis Meenung, dass mir léiwer hätten, esou Instituter géifen an engem onofhängege Fuerschungs- a Léierraum funktionéieren.

Do wëll ech eben drop zrëckkommen, dass mir am Joer 1999 scho virgeschloen hunn: Mir sollen zu Lëtzebuerg net nëmmen eng Universitéit opbauen, wéi mer se elo wahrscheinlech am Hierscht presentéiert kréien, déi sech eigentlech haaptsächlech u Lëtzebuerger Studenten rücht, mä eng Universitätsnisch opbauen, déi eigentlech vun deenen europäesche Kompetenze profitéiert, déi mir eis zu Lëtzebuerg am Laf vun de Jorzénge opgebaut hunn. Déi Proposition de loi heescht jo "Campus universitaire européen". Ech wëll nach eng Kéier kuerz zitieren, wat an deem Exposé des motifs vun där Proposition de loi virgeschloe ginn ass vun Institutiounen op deem Campus européen, zum Beispill: en Institut d'enseignement relié aux activités des institutions européennes, destiné à accueillir des étudiants de toute l'Union européenne et de pays tiers. Dat ass also eng net virtuell Presenz-Universitéit fir Studenten a Studentinnen, déi sech géife méi intensiv mat europäescher Geschicht a mat den europäeschen Institutiounen ausernee setzen.

Des Weideren ass an deem Projet vun deem Campus virgesinn, dass sech géifen extern Instituter ronderëm dee Kärberäich usiedelen. Do zitieren ech nach eng Kéier, wéi eng Instituter do virgeschloe gi sinn, zum Beispill: "...des dépendances d'universités de pays hors de l'Union européenne intéressées à établir des instituts de recherches et d'études sur le continent européen, des dépendances d'instituts universitaires ou de recherches étrangers sous statut privé ou mixte, de nouveaux instituts universitaires indépendants..." a schliesslech "...des instituts de recherche et d'enseignement sous la tutelle des institutions européennes ou d'autres organismes transnationaux."

Do géif ech éischter da gesinn, dass esou en Etablissement public, wéi deen, iwwert dee mer haut ofstëmmen, kéint éischter an esou engem Beräich ugesiedelt sinn, dat heescht an engem Raum, wou onofhängeg Fuerschung a Léier bedriwwen gëtt, deen awer e Leitmotiv huet, nämlech d'europäesch Geschicht an d'europäesch Realität. Ech hoffen, dass ech iergendwann eng Kéier en Avis vum Statsrot zu där Proposition de loi kréien. Da wäert et jo dann ee bis zwee Joer dauere bis se dann duerch de Mechanismus vun der Chamber gaang ass.

### *(M. Jean Spautz reprend la Présidence)*

Eng lescht Remarque ass déi vun de Finanzen. Déi si jo vun der Cour des Comptes als regulär duergestallt an analyséiert ginn. Allerdéngs muss ech soen, dass de Montant annuel an de Montant accumulé mech relativ impressionéiert huet. Net dass Der mengt ech géif deem Institut dat net vergonnen. Ech weess net wéi vill Zentimeter Autobunn dat sinn, mä ech denken all Millioun Euro, déi an esou Aktivitéiten investéiert gëtt, ass besser wéi en Zentimeter Autobunn.

Dat Thema vun der europäescher Fuerschung fannen ech extrem wichteg. Et ginn natierlech och aner Themen, déi ganz wichteg sinn, zum Beispill d'Thema vun der Migration. Dir wäert lech net gewonnert hunn, dass ech dat nach eng Kéier hei soulevéieren. Effektiv gëtt et e Centre de recherche et de documentation iwwert d'Migrationsgeschichte zu Diddeleng. Deen huet genau deeselwechte Budget wéi de Centre virtuel de la Connaissance sur l'Europe, allerdéngs ass de Budget vum Centre virtuel an Euro an de Budget vum Centre de migration a Lëtzebuerger Frangen, mä soss ass et deeselwechte Montant.

Dat léisst e klengen Déséquilibre duerchschrämen. Ech wëll jo net behaupten, dass elo jiddfere muss 1,8 Milliounen Euro hunn, wann e Fuerschung bedreift, mä ech denken, dass een awer muss eng gewëssen - wéi soll ech soen - Gewichtung vun der Wichtigkeet vun den Theme berücksichtegen an esou Instituter e bësse Moyenen zur Verfügung stelle muss. Duerfir wollt ech drun erënneren, dass bei de Budgetsdebatte vum leschte Joer, also 2001, hei eestëmme eng Motioun ugeholl ginn ass, dass d'Regierung sech soll mat de concernéierte Partië vum Centre de documentation sur les migrations humaines zesummesetze fir ze kucken, ob eng Léisung ka fonnt ginn, fir eventuell fir dat Institut eng méi staatlech unerkannte Form ze fannen, mä do ass et awer natierlech wichteg, dass déi Leit, déi de Moment do schaffen, déi dat à titre bénévole maachen, kënne berücksichtegt ginn. Dat ass bei der aktueller Formel vun engem Etablissement public éischter schwéier.

Déi Motioun ass den 12. Dezember ugeholl ginn. Bis elo ass awer näischt geschitt. Ech wollt d'Ministesch - wou ech awer weess, dass se fir déi Problematik op ass - nach eng Kéier drun erënneren, dass et awer vläicht wichteg wär, endlech an deem Dossier weiderzekommen. Ceci dit kënne mir eis Zoustëmmung zu deem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Urbany agedroen. D'Wuert huet de Serge Urbany.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, ech wollt och hei den unanimen Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet ginn.

*(Hilarité)*

Den Här Bisdorff ass och domat d'accord.

*(Hilarité)*

**Une voix.-** Dann téléphonéiert him.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech wollt awer eppes nach hei soen, wat net soulevéiert ginn ass, dat ass de Fait, dass deen Institut jo an deem herrleche Kader ass vum Suessemer Kannerschlass, an dass jo geplangt ass, dass en herno an d'Friche industrielle op Belval kënnt, soudatt sech dann erëm eng Kéier d'Fro vun der Affectatioun, vun der hoffentlech definitiver Affectatioun, vun deem Kannerschlass stellt. Ech hoffen, dass dat dann d'Geleeënheet wier fir vläicht do e richtege Jugend- an Naturprojet mol eng Kéier ze verwierklechen, deen op wier fir d'Leit, vläicht paraschoulesch Aktivitéiten, Fräizäitaktivitéiten, well sech dee Kader dofir ganz gutt eegne géif.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Mme Minister Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'alleréisch den honorablen Deputéierten a virop der Mme Stein, der Presidentin vun der Kommissioun, an hirer ganzer Kommissioun merci fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass. Dee Projet konnt elo nach zu engem Zäitpunkt verabschied ginn, wou mer dat nächst Budgetsjoer dann e bësse méi relax uginn, fir de Centre, dee jo awer mat de villen Aarbechtsverträg, déi en huet, e bëssen an der Loft hung.

Mäi Merci geet natierlech och un d'Haaptresponsabel vum Projet. D'Mme Backes huet eng ausgezeechent Aarbecht gemaach mat vill Déterminatioun a mat vill Asaz. Wéi virun e puer Joer dee Projet presentéiert ginn ass, war en nach an de Kannerschung. Trotzdeem war schonn en éischte Prototyp vun enger Base de données iwwert d'Geschicht vun Europa vill versprechend.

Mat de Joren ass den Inhalt erweidert ginn an d'Base de données huet sech zu enger eenzegaarteger Informatiounssource entwéckelt, déi eng breet Retombée an eisem Land wéi och am Ausland assuréiert. Ech si sécher, dass esou munchen Enseignant, wann e weess, datt dës Projet existéiert, en och benotzt, fir déi Informatiounen, déi elo schonn iwwert den Internet disponibel sinn. Et gétt natierlech och aner Kreiser wéi Journalisten oder Politiker, déi mat dësem Projet eng Base virfannen, déi hinne bei hirer deeglecher Aarbecht hëllef.

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, alleguerten déi, déi haut hei op dëser Tribün d'Wuert ergraff hunn, hunn et wichteg fonnt, datt mer eis, wat Europa betrëfft, ëmmer erëm der Breet vun der Informatioun stellen, an datt mer - ech géif soen, all Dag - fir Europa op en Neits kämpfen, well en Acquis hu mer nimools, a mir hu manner en Acquis fir Europa, souwéi déi Generatiounen, déi nach de Krich materlieft hunn, ewechfalen. Déi nei Generatiounen, déi eruwuessen, hu ganz dacks dat Geschichtsbewusstsein net méi an hunn net méi aus éischer Hand nach d'Erënnerung un déi grujeleg Zäiten, wou Europa dividéiert war. E bësse Bürokratismus ass nach ëmmer net esou schlëmm wéi Krich an Haass, wéi mer se virun der Grënnung vun Europa erlieft hunn.

Et ass dofir wichteg, dass mer d'Informatioun eriwwerbréngen, datt et eng Informatioun ass, déi transparent an objektiv ass, déi historiesch a juristesche d'Evolutioun vun Europa sou duerstellt, wéi se war - a forcément ass dat meng ganz perséinlech Ausso, meng Garantie a mäin Asaz fir d'Fräiheet vun der Fuerschung.

Et ass kengem domat gedéngt, wann een der Fuerschung de Maulkuerf undeet, an et ass och kengem domadder gedéngt, wann een intervenéiert, wa munchmol déi eng oder déi aner Ausso onkammoud ass. Alles dat ass a mengen Aen en Zeeche vu Schwächt, well deen, dee sech gutt informéiert huet an dee richteg un dat gleeft, wat e verzielt, deen huet kee Problem mat kontroversen Debatten.

Et ass natierlech, dass e breeden Accès fir den Allgemeynverbraucher garantéiert soll ginn. Dat ass ee vun den Objektiver, deen de Centre sech gesat huet. Ech mengen, et ass dofir och a kengem grouse Mooss Rieds vu Recetten, obschonns datt awer déi Fro do opzewefen ass. Ech ginn do ze bedenken, datt mer op déi Bemierkung vum Cour des Comptes jo och eng Äntwert vum Statsminister kritt hunn an datt mer eis domat natierlech fir d'Zukunft vun dësem virtuelle Centre e Scénario virstelle kënnen, datt ee bei deen engen oder bei deen aneren Amateuren an Adepten vum Projet och Redevancé géif froen.

Eng Fro muss natierlech virdru gekläert ginn, dat ass déi vum Copyright. D'Mme Delvaux huet déi Fro opgeworf. Mir wäerten héchstwahrscheinlech an der nächster Etapp dorop drängen, datt déi Fro vum Copyright och vun deene Responsable vum Centre esou gekläert ass, datt mer eis kënnen a méi eng breet Promotioun vum Projet virwoen. Well, dat hu mer eigentlech lo net richteg gemaach, well éischstens den Etablissement public nach net gestëmmt war a well mer dat zënter dem 1. Januar 2001, wou de Projet an der Kompetenz vun eisem Ministère ass, ëmmer als eng Viraussetzung gesinn hu fir méi breet dofir Reklamm ze maachen.

De Centre ass natierlech scho vu sech aus do virgeprescht. Mir hunn zum Beispill eng Borne an der Maison du Luxembourg zu Bréissel, wou een op de Site ka kom-

men. Mir hunn eng Borne hei an der Cour de Justice européenne. Mir hunn eng ganz Partie vun Amateuren, déi och gäre Bornen hätten. Ech mengen, dofir wäert och deemnächst déi Fro sech stellen, wéi mer dat dann uginnt, wéi mer et finanzéieren a wéi mer et ënnert d'Leit bréngen.

Dem Centre seng Plusvalue ass ganz sécher d'Qualitéit. Dat erkläert och de Präis. Mir mussen eis jo bewosst sinn, datt mer hei 30 Leit vun universitärem Niveau hunn. Déi Milliounen, déi mer dofir ausginn, si jo an der Haaptsaach Léin a Gehälter, déi dofir bezuelt gi sinn, déi och hei an eisem Land bliwwen sinn an domat och en Investissement waren an engem Sënn. Et ass also kee Geld, wat iergendwéi an ee Faass ouni Buedem gestach gi wär.

Mir hunn déi héich Qualitéit erreeche kënnen, well mer eben op héich qualifizéiert Expären zrëckgegraff hunn, a well d'Dokumenten systematesch nogekuckt a validéiert gi sinn, no enger Prozedur, déi et schonn a sech huet. Ech mengen, d'Kommissioun huet sech jo op der Plaz dovunner iwwerzeegen kënnen.

Et participéieren eng Rei vun auslänneschen Universitëten um Inhalt wéi zum Beispill d'Universitéit vu Stroossbuerg, vu Cergy-Pontoise, vu Westminster, an de Collège d'Europe mat de Kampussen zu Bruges an zu Natolin. Natierlech zielt och de Centre Universitaire vu Lëtzebuerg zu deene wëssenschaftleche Partner. Et huet missen e breede Réseau vu Partenariat, der Kollaboratioun am In- an Ausland op d'Bee gestallt gi fir déi pertinentsten Dokumenter aus deene verschiddene Länner zum Thema Konstruktioun vun Europa nom Zweete Weltkrich ze fannen. Dat war wuel déi schwierigst Operatioun fir bis an déi 50er Joren zrëck original Dokumenter ze fannen. Dat war net esou einfach.

Ënnert deene Partner kann een awer och den Institut universitaire européen, d'Archives historiques vun de Communautéiten zu Florenz, de Centre Jean Monnet pour l'Europe zu Lausanne, d'NARA - déi national Archiven aus de Vereenegte Staten an och déi national Archiven aus den europäesche Länner fannen. De Centre fonctionnéiert deemno mat der Ënnerstëtzung vu renomméierte Wëssenschaftler aus ganz Europa, déi d'Qualitéit an d'Fiabilitéit vun der Informatioun garantéieren. Domat gëtt sech de Centre d'Capacitéit, der steigender Demande no Informatioun zu Lëtzebuerg an am Ausland och entgéintzekommen. Experten hunn déi héich Qualitéit vun den ugebuedenen Informatiounen confirméiert. Et läit an der Natur vun der Saach, datt esou eng Approche opwendeg ass an domat och deen héije Präis erkläert.

Fir seng weider Evolutioun an den nächste Jore wäert sech de Centre ganz sécher Objectiver setze mussen, an dat, wat den Ausbau vu sengem Contenu ugeet, an och d'Envergure op déi e wëll goen mat der Erweiderung vun

Europa. Ech mengen, mir sinn an enger Phas, an där mer op Kooperatioun ugewise sinn. Datt mer och fir eng ganz Partie vun den Aktivitéiten bei dem Client finanziell Contrepartie froen, dat ass natierlech och ee vun de Butte vun der Schafung vun dësem Etablissement public.

Fir engersäits d'Kontinuitéit vum Projet European Navigator ze assuréieren an anerersäits de finanziellen Impakt vun den Aktivitéiten vum Centre op de Statsbudget kloer ze délimitéieren géif ech proposéieren, eng Konventioun tëscht dem Centre an der Regierung ofzeschléissen, fir dann déi Aktivitéiten och an e pluriannuelle Kader ze setzen, fir datt een do zu béide Säite weess, wou een drun ass, an datt mer eis dann och un déi budgétaire Gesetzer vum Parlament hale wäerten.

Här President, ech wëllt nach bäifügen, datt de Centre fir den Opbau vun eiser Universitéit natierlech ganz besonnesch wichteg ass, well et läit jo op der Hand, dass, wa mer déi Universitéit no dem Prinzip, datt dat, wat hei ganz besonnesch um Standuert vu Lëtzebuerg ugebonnen ass a sech och an der Universitéit erëmspigelen soll, ganz sécher Europa ass. Mir sinn e Grënnerland vun Europa. Mir hunn eng ganz Partie Virgeschicht vun Europa matgestallt. Mir dierfen dofir net absent sinn a mussen eis op déi heite Manéier an déi Recherche an d'Erstelle vun der Geschicht vun Europa abréngen.

Mir sinn natierlech dann och an der Situatioun, datt mer kënnen soen, dass déi Matière grise vu Lëtzebuerger, déi stänneg expatriéiert gëtt, méttlerweil fir eist Land e Problem ass. Mir mussen eis däers bewosst sinn. Wa mer e Manque de ressources humaines hunn, da musse mer eis och emol froen, wou dann all déi Lëtzebuerger am Ausland dru sinn an ob se net eventuell interesséiert wieren zrëckzekommen. Soulaang et hei keng interessant Méiglechkeete gëtt, kënnen mir déi doten Ausbluddung net stoppen. Ech mengen, och dohir huet de Projet vun der Uni seng Justificatioun. Dëse Projet zielt gewëss zu engem vun de wichtege Standbeener vun der Uni.

Ech géif domadder denken, datt mer no dëser Phas an no dem Vote vun der Chamber eis dat wëllen zu Häerz huelen, wat d'Mme Delvaux eis ugedroen huet: De Projet muss méi bekannt gemaach ginn, an domat wënsche mer dem Projet eng gutt Zukunft.

Mir hunn dat Raimlecht sou virgesinn, datt mer gemengt hunn, de Projet am d'Schlass zu Suessem wier net onbedéngt op enger idealer Plaz, well e jo awer an de Kader vun enger Universitéit a modern Gebaier eragehéiere géif, obschonns en zu Suessem gutt an och zefridde stellend an och zur Satisfaktioun vun de Responsablen installéiert ass. Ech wëll dofir och keen Heel draus maachen, datt mer an der Regierung schonn doriwwer geschwat hunn an datt mer eis mat der Familljen- a Jugendminister eens sinn, datt mer d'Suessemer Schlass - an d'Gemeng hu mer selbstverständlech do mat ugebonnen - virgesinn als Jugendzentrum, soudatt mer,

nodeem mer mat Mënsbech den Echange an déi aner Richtung maachen a Mënsbech fir universitär Aktivitéite reservéieren, dofir awer Suessem als Jugendzentrum un d'Famille et Jeunesse iwwerginn. Domadder wäerte mer och déi dote Saach gekläert hunn.

Dat gesot wäert ech mech selbstverständlech dem Ceterum censeo vum Deputéierte Garcia wat de Centre des Migrations ugeet unhuelen, an dat awer och mat dem Wonsch, datt, wann dëse Centre virgestallt gëtt, et awer weinstens och erwähnt gëtt, datt de Stat Participant ass, an net eleng d'Gemeng Diddeleng.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir komme lo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4753 a stëmmen driwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 14 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4753.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4753 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Fred Sunnen) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Ech soen Iech nach séier de Programm vun der nächster Sitzungswoch, esou wéi d'Presidentekonferenz e gëschter fir déi lescht Sitzungswoch proposéiert huet:

En Dënschdeg, de 16. Juli, um 15 Auer

- d'Projets de loi 4971, 4972 an 4973, Moossname fir d'Förderung vun der Wunnungsbeschaffung,
- de Projet de loi 4962 iwwert d'TVA,
- d'Proposition de loi 4931 iwwert d'Steierverwaltung an den Enregistrement,
- de Projet de loi 4920 iwwert de Fonds international de Développement agricole,
- de Projet de loi 4957 iwwert d'"Dräi Eechelen" an
- Naturalisatiounen.

E Mëttwoch, de 17. Juli, eise leschte Sitzungsdag virun der Sommervakanz, um 14.30 Auer:

- de Projet de loi 4735 iwwert den Dateschutz,
- de Projet de loi 4921 iwwert d'Services à accès conditionnel,
- de Projet de loi 4948 iwwert d'Gehälter vun de Statsbeamten.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

#### **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Domadder wäert mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass d'nächst Woch en Dënschdeg um dräi Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.17 heures)**